Rapport Referees' Commission - 07.10.2025

Present : Frieseisen, Geib, Keiffer F., Keiffer N., Kröpelin, Nesser, Volz, Weinquin,Welter

Entschëllegt : Courtois, Weinzierl

1) ***Adoptioun vum Rapport vum 27.08.2025***

2) ***Verdeele vun den Aufgaben***

D'RefCom huet verschidde Beräicher an déi responsabel Leit definéiert:

Denis Weinquin:
- *Präsident*
- *Kommunikatioun*
- *Allgemeng Froe wat den Arbitrage ugeet*
- *Reklamatioune vu Veräiner*

Francis Keiffer:
- *Cours Chrono/SBO*
- *Formatioun JA*
- *Kontroll Sportshal*

Noémie Keiffer
- *Cours Chrono/SBO*
- *Formatioun JA*

Georges „Willy" Geib
- *Besetzungen*
- *Permanence Ofmeldungen*

Paul Nesser
- *Allgemeng Froe wat den Arbitrage ugeet*
- *Responsabele Formatioun*
- *Cours Chrono/SBO*
- *Kontakt INAPS + Kontakt Büro FLH*
- *Kontroll Sportshal*
- *Reklamatioune vu Veräiner*
- *Sekretär RefCom*

3) ***Verschidde Formatiounen***

- *Formatioune fir **Chrono/SBO** waren den 20.9 zu Miersch, 24.9 zu Stroossen an de 27.9 zu Esch. Op Nofro organiséiert d'RefCom nach e Cours op Franséisch, de **Mëttwoch 29. Oktober 2025** um **20h00** zu Stroossen an der Maison des Sports.*
- *Den éischte Cours fir all Arbitter ass de **Samschden de 25. Oktober** (10:00 – 12:00). Déi nächst ass fir **Samschden** den **13. Dezember** (10:00 – 12:00) virgesinn. Eng 3. wier dann am Februar 2026.*
- *Well vill Arbitter um Final 4 am Asaz sinn, ass fir dës Saison keng Formatioun wärend deenen Deeg virgesinn.*
- *Formatioun fir „Jeunes Arbitres" sinn den **18. Oktober** (09:30 - 11:30) zu Esch an den **25. Oktober** (09:30 – 11:30) zu Diekirch*
- *Eng Formatioun fir „Tuteurs JA" ass den **22. Oktober** (19:00 – 21:00) zu Stroossen*
- *Eng Infoversammlung fir all Delegué ass fir de November geplangt.*
- *Fir genuch Material fir d'Weiderbildung ze hunn, mussen d'Arbitter vun der AXA-League elo verschidden Zeene vun hire Matcher un d'Formatiounsekipp schécken.*

4) ***Tester***

Och déi lescht schréftlech a physesch Tester vun den Arbitter waren zefriddestellend. D'Tester virum Play-off sinn (falls den INS disponibel ass):

- *Freides den 9. Januar vun 19 :00 – 21 :00*
- *Samschdes de 24. Januar vun 10:00 – 12:00*

5) ***Arbitter am Ausland:***

- *Den Austausch mat Dänemark ass ganz positiv verlaf. 5 Arbitter waren um GOG-Cup am Asaz a kruten all eng Final ze leeden.*
- *Den Austausch mat Éisträich ass an der Virbereedung. Méiglech Datumer goufe festgeluecht.*
- *D'RefCom schéckt och eng Koppel mat op de "Girls U11 Mini World Cup" zu Tréier. Uspriechpartner ass d'Noémie Keiffer.*

6) ***Kontroll Sportshalen:***

- *D'Hal vu Réiden bleift bis minimum Enn Dezember zou.*
- *D'Hal vu Beckerich ass kontrolléiert ginn. Wëll hei ouni Haarz muss gespillt ginn, kann d'RefCom déi Hal fir Matcher akzeptéieren, ausser fir AXA-League oder Loterie Nationale Coupe de Luxembourg. D'RefCom wëll den Heemveräin awer drun erënneren, dass si dem Géigner mussen eng adequat Unzuel u Bäll (ouni Haarz) zu Verfügung stelle fir sech opzewiermen.*
- *Well an der Dikrecher Hal am Moment net ka gespillt gi, sichen si Léisungen.*
  - *An Zwëschenzäit ass d'Hal vum Lycée Alexis Heck ofgeholl ginn, a fir Jugendmatcher (bis U15) akzeptéiert*
- *D'Hal vun Déifferdeng ass an der Nuecht nom Virfall gefléckt ginn.*

7) ***Besetzungen***
- *D'RefCom mécht nach eng Kéier e Rappel un d'Arbitter hier Dispoen eranzeschécken.*
- *Fir d'M18 EURO Qualifikatioun an déi 2 Matcher géint Lettland besetzt d'RefCom och den offiziellen Dësch.*
- *Fir Testmatcher wéi och Turnéier mussen d'Veräiner selwer Arbitter sichen. Si sollen d'RefCom awer informéieren (Mail un arbitre@flh.lu), wie päift. Dëst ass wichteg fir d'Assurance.*

8) ***Demissioun Arsène Welter:***
Den Arsène huet elo decidéiert fir seng ganz Handball-Pensioun ze huelen. D'RefCom seet dem Arsène e grousse Merci fir säi jorelaangen Asaz, seng Ënnerstëtzung an awer och fir seng grouss Hëllef déi lescht Joer nach als Delegué-Observateur am Asaz gewiescht ze sinn.
D'RefCom freet dann och den CA, fir dem Arsène eng adequate Recompensatioun zoukommen ze loossen.

9) ***Parking fir Arbitter:***
D'RefCom ass informéiert ginn, dass et virkomme kann, dass bei enger Hal - wéinst anere Organisatiounen - keng Parkméiglechkeete fir Arbitter méi disponibel sinn. Et ass awer net gewollt, dass d'Arbitter virun oder no engem Match nach musse Km-wäit goen. Aus dem Grond freet d'ReCom d'Veräiner fir an esou engem Fall de lokalen Transport vun den Arbitter ze iwwerhuelen (Parking --> Hal an Hal --> Parking). Dëst ass och fir eventuel onschéin Zeenen scho virun oder no engem Match ze vermeiden.
***Art. 10**. – Code du Handball*
Infraction des affilié(e)s (joueurs, joueuses ou officiels) à l'encontre de joueurs, joueuses, officiels, membres fédéraux, arbitres ou entraîneurs non prévus par le code disciplinaire avant, pendant ou après le match :
Définition de l'avant match : dès l'entrée sur le parking du centre sportif
Définition de l'après-match : sur l'aire de jeu, dans les vestiaires et sur la voie directe vers la sortie, <u>y compris le chemin direct vers la voiture</u>

Nächst RefCom: Dënschden de 04. November 2025 um 18h30
zu Stroossen an der Maison des Sports (Sall 2)